

Lëtzebuerg, de 29 August 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch, un den Här Minister fir sozial Sécherheet an un den Här Minister fir Aarbecht a Beschäftegung, weiderzeleeden:

« De Klimawandel an déi klimatesch Verännerungen suergen dofir, dass ëmmer méi UV-Stralung d'Äerdoberfläch erreecht. Duerch den Ëmschwong am Wieder, halen sech och ëmmer méi Leit, méi laang dobaussen op fir vun der Sonn an de waarmen Temperaturen ze profitéieren. Och bestëmmten Aarbechtsgruppen sinn duerch hir Tätegkeet haaptsächlech dobaussen.

Et ass gewosst, dass eng iwerméisseg UV-Stralung d'Entsteeung vun Hautkriibs ka begënschtegen. Domat gëtt den UV-Schutz ëmmer méi wichteg. Laut engem Artikel aus dem Lëtzebuenger Wort am Juni 2022 ginn et all Joer weltwäit 2-3 Milliounen Fäll vun Hautkriibs uechtert d'Welt. Hei zu Lëtzebuerg wier et déi meescht verbreeten Zort vu Kriibs. An Europa géifen d'Diagnosen vum Hautkriibs sech all 10 Joer verduebelen.

D'Fondation Cancer huet dëst Joer hir Initiativ vun 2021 widderholl, an op enge sëllege Plazen uechtert d'Land Sonnecrème-Spender opgestallt. Dëst fir nach eemol op d'Problematik an d'Geforen opmierksam ze maachen, déi villen Artikele no, nach ëmmer ënnerschat ginn.

An deem Kader wollte mir der Madamm Gesondheetsministesch, dem Här Minister fir sozial Sécherheet an dem Här Minister fir Aarbecht a Beschäftegung folgend Froe stellen:

- *Wéi vill Fäll vun Hautkriibs goufen et iwver déi lescht 20 Joer zu Lëtzebuerg? Ass en Trend no uewe festzestellen?*
- *Den Artikel 94.3 vum Code de la sécurité sociale beseet : « Peut être reconnue comme maladie professionnelle une maladie non désignée*

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg


Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

dans le tableau, si l'assuré rapporte la preuve de son origine professionnelle ». Sinn et iwwer déi lescht 10 Joer Fäll ginn, wou Persounen aarbechtsbedéngt un Hautkriibs erkrankt sinn? Falls jo, wéi vill?

- Wat gétt gemaach, fir dës Leit virun engem Erkrankungsrisiko ze schützen?*
- Ginn all Erkrankungen vun Hautkriibs hei zu Lëtzebuerg erfaasst ? Falls nee, wisou net?*
- D'Delaie fir en Dermatologe ze gesinn zéien sech oft iwwer Méint. Munch Dokteren huelen och keng Urgence Terminer un. Vu, dass Kriibs am beschten esou fréi wéi méiglech traitéiert gëtt, wéi kann eng schnell Prise en charge vun engem Patient assuréiert ginn?*
- Ginn et nieft der Initiative vun der Fondation Cancer och eege Pläng vum Gesondheitsministère fir d'Leit an Zukunft iwwer d'Risiken ze informéieren, Präventioun ze leeschten a Mëttel zum Schutz bereet ze stellen? »*

Mat déiwem Respekt,



Claude LAMBERTY
Deputéierten



Carole HARTMANN
Deputéiert